ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend parlamentaresch Fro** (Art. 81) un den Här Kommunikatiounsminister Xavier Bettel an den Här Wirtschaftsminister Etienne Schneider weiderzeleeden.

De Satellit AMC-9 vun der SES ass ausser Kontroll geroden an a Stécker zerbrach, wéi e Sonndeg och an der Press gemellt ginn ass. Esou en Tëschefall kéint zu Akzidenter féieren, wann d'Stécker vun dësem Satellit mat anere Raumobjekter géinge kollidéieren. Am schlëmmste Fall kéint eng Zort Lawin entstoen, bei där ëmmer méi Satellitten a Raumobjekter géinge beschiedegt ginn. Onofhängeg vum Schued, deen entstan ass oder nach wäert entstoen, hätt ech doweinst dës Froen un déi zoustänneg Ministere fir Telekommunikatioun a Wirtschaft:

1. Wien ass fir esou Schied direkt responsabel?
2. Kann de Staat Lëtzebuerg, als Sëtz vun der Bedreiwergesellschaft vun engem Satellit oder vun der Gesellschaft, déi de Satellit kontrolléiere soll, fir esou Schied haftbar gemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique